DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 7. Mee 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Inneminister weiderzeleeden:

*„ E Camion ass den 2. Mee d'Mierscher Strooss zu Bissen erofgefuer a konnt aus ongekläerte Grënn net méi bremsen. En ass dunn duerch e Parking ënnen am Duerf duerchgefuer a widdert eng Mauer gerannt. Op deem Parking stoung just niewendrun e Schoulbus voller Kanner aus dem Cycle 3. De Camion war net méi wéi e Meter laanscht de Bus mat voller Vitesse gefuer. Niewent dem Bus steet och d'Maison relais, wou de Precoce an de Cycle 1 ënnerbruecht sinn. De Camion hätt och an dëst Gebai knuppe kënnen. Wéi duerch ee Wonner waren um Parking dee Moment keng Kanner oder Elteren.*

*D'Strooss, duerch déi dëse Camion gefuer ass, ass säit 20 Joer fir Camione gespaart, well et sech ëm eng Steigung vun iwwer 10 Prozent op där Plaz handelt. Trotzdeem fuere vill Camionen awer déi Streck a Richtung vun engem Industriebetrib, entweeder wëll se d'Panneauen net gesinn hunn oder well se den Ëmwee net wëllen huelen.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Inneminister follgend Froe stellen:*

*1. Wéi dacks huet d'Police an de leschten dräi Joer Kontrollen op dëser Plaz gemaach a wéi vill Camione goufe protokolléiert?*

*2. Huet d'Police wëlles fir no dësem rezente Virfall an de kommende Woche verstäerkt Kontrollen duerchzeféieren?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Corinne CAHEN
Deputéiert